ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24. September 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Justizminister (d'Madamm Justizminister a.i.) weiderzeleeden.

D'Gesetz vum 8. Mäerz 2017 gesäit vir, datt ee muss e Cours mat Numm "Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg" besichen, fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit kënnen ze kréien. Fir d'Kandidate gëtt et och eng Lëscht vu Referenze vu verschiddene Spaweckssäiten, op deenen een Informatiounen zu deene verschiddene Matière ka fannen, déi an dem Cours mussen traitéiert ginn.

Et ass also hei am Land allkéiers de Kandidaten iwwerlooss, fir sech hir Dokumentatioun selwer zesummen ze sichen, wat net fir jiddereen en einfachen Exercice ass. Och gëtt et vläicht Onsécherheeten, ob déi sëlleche referenzéiert Säiten ëmmer op dem leschte Stand vun den Entwécklunge sinn. An anere Länner, wéi z.B. Däitschland, gëtt et Bicher, déi Froen an Äntwerte fir de Nationalitéitstest zesummefaassen, wat fir Kloerheet an Zouverlässegkeet suergt. Natierlech kéint eng Privatinitiativ zu Lëtzebuerg och esou e Referenzbuch proposéieren. Et kéint een awer mat Recht argumentéieren, dat dëst eigentlech an der Zoustännegkeet vum Staat léich, dee jo dee Cours virschreift.

Et géing der Qualitéit vun de Coursen iwwer d'Zesummeliewen hei am Land sécher och net schueden, wann e standardiséiert Referenzwierk géing zur Verfügung stoen.

Dowéinst wollt ech der Regierung dës Fro stellen:

Wëll d'Regierung e Buch oder eng Textsammlung schreiwen oder opstelle loossen, déi den Enseignanten a Kandidaten am Cours "Vivre ensemble" kéint als Referenzwierk déngen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742